Amicale des enrôlés de force
DE LA COMMUNE DE KOERICH



Kärech, den 5. Dezember 1988

Fédération des Victimes du Nazisme
Enrôlés de Force
b.p. 2415
1o24 LUXEMBOURG

Lei'f Kollegen,

D'Enrôlés de Force vun der Gemeng Kärch hun welles eng Sektioun ze grennen. No Recksprôch mam Kolleg J.P. Bolmer, Sekretär vun der Ligue, dén eis iwert d'Organisatioun informe'ert huet, wire mer berét zu Kärch eng Sektioun opzerichten. Mer hun eis Komeroden all kontakte'ert, an e gudden Dél wiren berét mat ze mâchen.

Zu Kärch hu mer eng Amicale des Enrôlés de Force de la Commune de Koerich. Sie bestét zenter 1982. Vill vun eisen Kollégen sin guernit oder an âner Sektiounen organise'ert. Sie wiren frou' fir hei zu Kärch matzemâchen.

An eiser Gemeng waren 65 Jongen an 14 Médercher am R.A.D., respektiv an der Wehrmacht agezun.

Eisen provisorischen Comité bestét aus :
Pierre STRAUS, President,
Emile THILLGES; Sekretär,
Anna FRISING-Bartholmé. Caissier.

Des drei Leit sin charge'ert fir Démarchen ze mâchen, dass mir eng Sektioun grenne kennen.

Mer wiren frou' wann eis Demande ugeholl an och positiv beäntwert kennt gin.

Mat eisen be'schten Gre'ss

P.S. Fir d'Korrespondenz ass eisen Sekretär Emile THILLGES, 8, rue Principale, 8383 Koerich zou'stännig